Elo zu där Proposition de loi vum Här Bourg, déi hei virläit.

Méng Fraktioun huet schon iwwer dee Problem geschwat beim Gesetz iwwer de Bail à loyer. Wéi mer dat Gesetz modifiéiert hun, hu mer drop opmiirksam gemaach, dass eng Kontradiktioun besteet tëschent dem Gesetz vun 1979 iwwer d'Aide au logement an dem Gesetz iwwer de Bail à loyer, an dat haaptsächlech bei dene Wunnéngen, déi virun 1944 gebaut gi sin, well do fir de Privatmann de Loyer plafonnéiert as op Maximum 1.500 Frang pro Zëmmer, an dat och fir d'Gemengen.

Dass dat géing zu engem Engpass féieren, dovir hu mir déi Zäit scho gewarnt. Ech mengen, dass dat Gesetz iwwer de Bail à loyer wiirklech nët ganz vill bruecht huet, well besonnesch bei eleren Haiser, déi nach haut zu engem abordable Loyer ze verloune wiren, do as de Mietpräis esou niddreg, dass ee vum Propriétaire kaum ka verlaangen, e soll et verlounen.

Ech wunnen an engem Haus, dat virun 1944 gebaut gin as. Do si keng « transformations substantielles » dra gemaach gin an dee maximale Loyer, deen ech kënnt froë fir dat Haus, dat wiren 12.000 Frang de Mount.

Den Här Margue kuckt, well dee wunnt an engem Haus, wat jhust déi selwecht Dispositiounen huet. Den Här Margue kréich also och 12.000 Frang Loyer mëtten an der Stad fir en Haus. Ech mengen, dat sin och Tauxën, déi fir Privatleit nët realistesch sin.

Hei geet et awer elo ëm de soziale Wunnéngsbau. Déi Richtung, déi den Här Bourg indiquéiert huet, schéngt mer déi richteg Richtung ze sin, well et muss een all Abüën évitéieren. An hei si manifestement Abüën, dass Leit, doduerch dass se eng Sozialwunnéng hun, sech Suë kënnen op d'Säit setzen. Gott sei Dank brénge se dat fäerdeg, Gott sei Dank si se an enger besserer sozialer Lag, wéi se nach am Ufank woren, wéi se déi Wunnéng attribuéiert kruten ! Si schafe sech en Egenheem un, verlounen dat fir deier Suen, a sëtze fir en Apel an e Stéck Brout an enger Gemengewunnéng. Dat kann nët sin !

Wouer as awer och, wann een dene Leit seet, si missten um Privatmarché eppes sichen, well de Loyer dann esou héich gët, hu se Schwiregketen um Privatmarché, well mer nach ëmmer eng Pénurie vu Logementer hun, an dee Problem gët heimat nët geléist.

Ech wëll awer op eppes opmiirksam maachen, an dat wir da méng drëtt Remarque. Dat sin all déi Wunnflächen, déi duerch Büroë besat sin.

Hei an der Châmber hu mer eng Motioun gestëmmt, dass de Stat keng Wunnfläch méi als Büro diirf transforméieren.

Mir als Châmber sëtzen an esou Haiser. D'Deputéierte selwer hu Büroën an esou Haiser, wou fréier Wunnfläch wor. Ech hat dorophin eng Fro un d'Regirung gestallt, an du krut ech geäntwert, de Stat géing keng Immeuble lounen, wou Wunnéngen dra wiren. Ech weess, wat si maachen ! Si stellen e Propriétaire un, dat als Büroën ze transforméieren, an da lount de Stat et als Büroën, mä do ware virdru Wunnéngen dran !

Ech kucken de Rapport d'activité vum Ministère d'Etat iwwer d'Loyerskommissioun. Do steet dran, dass um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg de Stat 139.000 Meter Carré Surface gelount huet op 126 verschiddenen Adressen. Do si ganz bestëmmt vill Büroën ënnerbruecht an Appartementer, déi fir Wunnzwecker gebaut gi sin, an nët fir Büroszwecker.

Wann elo ëmmer méi Büroë beispillsweis um Kiirchbierg gebaut gin, wéi dat nach gëschter de Fall wor bei der Grondsteenleung vum Gebai vun enger Bank, wou de Minister vun den Travaux publics gesot huet, dat géing d'Stad décongestionnéieren, well da kéime jo all déi Aarbechtsplazen aus der Stad eraus op de Kiirchbierg, sou as dat awer en Trugschluss, well déi Büroën hei an der Stad gi jo dann erëm vun anere Beamte besat !

Et sin eng ganz Parti Büroën, déi kann een nët ëmfonktionnéieren als irgendeppes aneschtes, a bestëmmt nët a Wunnéngen.

Ménger Menung no soll de Stat fir déi Wunnéngen, déi en occupéiert mat Büroën, wiirklech op de Bürosmaart goen, sech do alounen an domat déi Appartementer eidel maachen, déi ursprünglech Wunnénge waren. Da krite mer op jidfer Fall mëtten am Kär vun der Stad eng ganz Parti Wunnénge fräi, déi da fir Logementer kënnten zur Verfügung stoen.

Ech muss lech soen, ech wor erféiert, wéi ech dee Chiffer vun 139.000 Meter Carré gelies hun, déi eleng de Stat um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg gelount huet. Et wir nawell gutt, wann déi Proposition de loi hei an der Châmberskommissioun diskutéiert gët, wann si sech géif Opschloss gi loosse vun der Regirung, wéi d'Qualitéit dovunner as, wivill Bürosgebaier a wivill Wunnhaiser dat sin. Och hei misst de Stat mam gudde Beispill virgoen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- M. Krecké demande encore la parole.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President. Ech hat zwar gemengt, ech géif näischt méi dozou soen, mä déi lescht Ausso vun der Mme Brasseur verleet mech awer derzou, fir eppes musse kloerzestellen.

Et as ganz luewenswäert, wann d'Mme Brasseur verlaangt, dass de Stat soll Rechnung ofleën iwwer déi Bürosflächen, déi en a Raim besetzt, déi fir Wunnéngen do sin. Wann ech dat awer ganz ënnerstëtzen, da froen ech natiirlech genau dat selwecht vun der Stad Lëtzebuerg, déi jo eng ähnlech Démarche huet.

Ech gin dervun aus, no der Propos, déi d'Mme Brasseur hei gemaach huet, fir all Quadratmeter opzelëschten, deen de Stat gebraucht, dass selbstverständlech och d'Stad Lëtzebuerg, ouni dass d'Oppositioun do muss virgoë mat enger Motioun, dat virleet an esou mam gudde Beispill virgeet. Ech hu guer keen Zweifel dorunner.

Ech wollt dat jhust nach eng Kéier kloerstellen.

M. le Président.- Le prochain point de notre ordre du jour prévoit la proposition de loi 3762 de l'honorable M. Robert Mehlen.

La parole est à l'auteur de la proposition de loi, à l'honorable M. Robert Mehlen.

13. Proposition de loi 3762 de M. Robert Mehlen tendant à instituer un référendum d'initiative populaire

M. Robert Mehlen *(ADR), auteur.-* Här President. Ech wëll direkt an den Thema asteigen, well méng Zäit limitéiert as an et awer eppes as, zu deem ee vill ze soen huet.

Woufir dës Proposition de loi ? Dofir gët et e puer Ursaachen :

1. d'Absicht, de Biirger a wichtege Fäll méi direkt un der politescher Verantwortung deelhuelen ze loossen, dat heescht, eisen demokratesche System auszebauen an ze beliewen ;

Vill Leit fille sech frustréiert, well si all 5 Joer während enger Minutt hire Walziedel däerfen ausfëllen an dann hire politesche Pouvoir fir 5 Joer an d'Hänn vu Leit geluegt hun, déi duerno ganz dacks maachen, wat hinnen an obskure Parteizentrale virgeschriwwe gët.

De renge parlamentaresche System huet als grouss Schwächt, datt de Wieler zwar enger politescher Kraaft oder eenzelne Kandidate séng Stëmme gët, awer bei der Diversitéit vun de Problemer an de Walprogrammer séng Menung an dësem oder deem Problem esou nët däitlech zum Ausdrock brénge kann.

Et as dofir an eiser Zäit vun der totaler Kommunikatioun noutwendeg, fir de chemesch renge parlamentaresche System duerch eng Ouverture zu méi direkter Matbestëmmung duerch d'Vollek ze complétéieren.

2. d'Ursaach, datt eis Konstitutioun zwar am Artikel 51 virgesäit, duerch eng Änderung, déi den 21. Mee 1948 virgeholl gin as, dass e Referendum kann ofgehale gin, ënner Konditiounen, déi an engem Gesetz festzehale wären ;

Sou e Gesetz as bis haut nach nët a Kraaft gesat gin an et besteet och, ménges Wëssens, de Moment keng Initiativ, déi esou e Gesetz géing erbäiféieren.

Wann een den Text vun där Bestëmmung am Artikel 51 genau liest, da stellt een allerdings fest, dass de Législateur deemools éischter de Referendum am A hat, deen op Initiativ vun der Regirung sollt ofgehale gin, sou kënnt een et wéinstens liesen : « Les électeurs pourront être appelés à se prononcer par la voie du référendum. » Dat as den Artikel 51, Absatz 7.

Op engem aneren Niveau as esou eng Méiglechkeet geschafe gin, an zwar um Niveau vun de Gemengen. Am Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 as d'Méiglechkeet vun engem Referendum festgehale gin, souwuel op Initiativ vum Gemengerot, wéi och op Initiativ vun de Leit.

Niewebäi gesot, ech hun d'Éier, aus där Gemeng ze kommen, wou deen éischte Referendum ofgehale gin as. Et war eng interessant Experienz, méi wëll ech hei nët soen, mä d'Vollek huet jiddefalls do an engem Punkt ganz däitlech säi Wëllen zum Ausdrock bruecht.

Eng éischt fundamental Fro, déi sech an deem Zesummenhank stellt, dat as déi : Wëlle mer d'Vollek méi direkt un dem politesche Liewen hei bedelegen ? Wëlle mer dem Vollek méi Matbestëmmung zougestoen oder nët ?

Eng zweet fundamental Fro, déi ze diskutéieren as, as déi : Soll d'Initiativ eleng vun der Regirung ausgoen, sou wéi een dat elo kënnt an den Text eran interpretéieren ? Ech wëll dat awer opstoë loossen. Oder soll een och dem Vollek d'Méiglechkeet gin, esou e Referendum ze froen, ënner Konditiounen, déi een natiirlech misst festleën ?

Wann d'Initiativ vun der Regirung kënnt, da besteet ménger Menung no kee verfassungsméissege Problem, mä et besteet de Problem, datt kaum esou eng Initiativ wäerd kommen. Mir hun dat jo eréischt kuurz erlieft.

Wann d'Initiativ vum Vollek soll ausgoen, da muss een d'Fro stellen, ob den Artikel 51 vun der Konstitutioun a séngem jëtzege Wuertlaut nët misst geännert gin. Et gët allerdings ganz valabel Juristen hei am Land, déi der Menung sin, dat bräicht nët gemaach ze gin.

Eng Fro, déi vill méi wäit geet, as déi, ob een nët och eng Verfassungsännerung kann oder soll duerch e Referendum erméiglechen. Et as och déi Fro, déi déi lescht Zäit e bëssche Welle geschloen huet.

Déi aktuell Prozedur vun der Verfassungsännerung as relativ schwéierfälleg. Doriwwer, mengen ech, si mer eis alleguer eens. Dat as awer waarscheinlech bewosst geschitt, fir ze verhënneren, dass iwwerstiirzt an oniwwerluegt Änderunge vun eisem Grondgesetz solle virgeholl gin.

Déi Prozedur huet ganz sécher nach en interessanten Aspekt, d'Bestëmmung am Artikel 114 nämlech, datt d'Châmber de plein droit ogeléist gët, wann d'Artikelen désignéiert sin, déi sollen zur Revisioun fräigesat gin.

Et as kloer, dass do d'Absicht zum Virschäin kënnt, dass de Wieler soll doriwwer befrot gin, dat heescht, datt een zréck bei d'Vollek geet, ier een d'Grondgesetz däerf änneren.

Den Nodeel vun där Prozedur as ganz sécher deen, datt an der Walcampagne, déi duerno stattfënt, iwwer allméiglech Problemer geschwat gët, mä meeschtens nët iwwer déi Verfassungsreform, déi och nach soll gemaach gin. An där Walcampagne fënt eng Vermëschung vun allméiglechen Elementer statt, vu verschiddene Punkten och an der Verfassungsännerung.

Mir wëssen, datt meeschtens ganz vill Artikele fräigestallt gin zur Revisioun an datt do de Wieler nët méi kloer säi Wëllen kann zum Ausdrock brénge. Hie wielt séng Parteien oder séng Kandidaten, sou wéi hien dat fir richteg fënt, mä en huet am Fong geholl nët d'Geleënheet, sou wéi dat soll sin, fir sech zu dene Punkten, wou eist Grondgesetz soll ofgeännert gin, ze äusseren.

D'Verfassung as awer d'Grondgerüst vun eisem Rechtsstat, an dofir sin ech och der Menung, datt et absolut richteg as, dass d'Vollek bei denen Änderunge konsultéiert gët.

Et wär awer nach méi richteg, an doriwwer misst ee sech dann ënnerhalen, wann d'Vollek bei Ofännerunge vun der Verfassung méi direkt a méi prezis géif gefrot gin, wéi dat bis elo virgesi war. Dofir hu mir och esou eng Prozedur an eiser Proposition de loi virgesinn. Dat huet schon am Virfeld zu allerlee Opregung gefouert, well et verfassungsrechtlech esou nët duerchféierbar wär. Ech ka soen, ech hu kee Problem, fir déi Argumenter, déi do an d'Feld gefouert gin, unzëerkennen, wat dëse Volet ubelaangt.

Et muss awer eng Kéier en Ufank gemaach gin. Mat dëser Proposition de loi gët e politesche Paweesteen an d'Waasser gehäit, deen zum Zweck huet, d'Diskussioun ëm d'Realisatioun vu méi direkter Demokratie an de Gank ze brénge.

D'Artikelen 114 an 51 wéinstens, méiglecherweis och nach anerer vun der Konstitutioun, misste geännert gin, fir op d'manst en Deel vun dëser Propositioun kënnen a Kraaft ze setzen. Déi si fir dës Legislaturperiod awer nët revisabel erkläert, kënnen dofir virum 12. Juni 1994 nët geännert gin.

Et as awer wichteg, dass mer d'Diskussioun doriwwer ufänken an, wann de politesche Wëllen dozou besteet, déi Artikele revisabel erklären, déi vun esou enger Änderung betraff wären. Dat as och den Zweck vun dëser Initiativ.

Et gët nach en drëtte Punkt, deen ech hei wëll uschneiden, den eis derzou gefouert huet, fir dës Proposition de loi ze maachen.

3. d'Frustratioun, déi sech am Vollek breetmécht, well vill Initiativen, déi vum Vollek ausgin, leie bleiwen oder am Tirang verschwannen.

Mir hun als Aktiounskomitee 5/6 deemools nach zwou Initiative fir e Referendum geholl :

1. fir d'Aféierung vun enger Volleksversécherung am Pensiounswiesen ;

Deemools waren 8.310 Ennerschrëfte gesammelt gin. Déi sin hei ofgi gin, an et as duerno näischt méi geschitt.

2. fir e Referendum ofzehalen iwwer den Traité vu Maastricht ;

Ouni dass mer grouss intervenéiert hun, waren dat Ennerschrëften, déi op Egeninitiativ vun dene Leit komm sin, an zwar 3.459 Ennerschrëften an Zäit vun 8 Deg. Et as awer näischt geschitt.

Ech sin der Iwwerzegung, dass d'Fro vun der Rentenongerechtegkeet hei am Land iwwer de parlamentaresche Wee bal nët ka geléist gin, soulaang wéi eng Majoritéit vu Vertrieder vun der Fonction publique esou eng Solutioun blockéieren. D'Majoritéit vum Vollek as awer der Menung, datt eng Solutioun Volleksversécherung, dat heescht, Gläichbehandlung, misst kommen.

Geet dat dann iwwer Walen ? Mir wëssen, dass bei Walen och aner Theme mat eraspillen, datt do ganz aner Elementer leschten Enns d'Décisioun beaflossen. An dofir wir et dringend noutwendeg, d'Méiglechkeet vum Referendum ze schafen.

An der Vergaangenheet huet et zwee Referenden hei am Land gin, dee vun 1919 a vun 1937.

1992 wär eng weider Geleënheet gewiescht, fir an enger fundamentaler Décisioun an der Geschicht vun eisem Land d'Vollek ze consultéieren.

Eis Regirung war zwar der Menung, d'Vollek wir ze domm, an dofir huet se dat och nët gemaach.

An Dänemark, a Frankräich an an Irland waren d'Regirungen allerdings anerer Menung.

D'Violatioun vun der Verfassung as an dësem Fall geschitt. Ech wëll keng Wierder doriwwer verléieren, well méng Zäit ofleeft. E Referendum hätt eis awer d'Méiglechkeet gin, fir eis iwwer all déi verfassungsrechtlech Problemer, un dene mer eis gestouss hun an iwwer déi mer och haut nach nët ewech sin, a wou souguer Leit, déi dat hei matgestëmmt a matgedroen hun, sech selwer ukloen, d'Verfassung wär gebrach gin, ewechzehëllefen.

(Interruption)

Enfin, Dir musst d'Responsabilitéit doriwwer droen, wat Dir deemools gemaach hut !

Mir hu virgeschloen, dass e Referendum op Initiativ vum Vollek muss duerchgefouert gin, dat heescht obligatoresch as, wann 3.000 Wieler oder 50 politesch Mandatairen, dat heescht, Deputéierten oder Gemengevertrieder, dat froen.

Am Fall, wou een d'accord wär, fir och d'Konstitutioun oder international Traitëën iwwer esou e Wee ze änneren oder ratifizéieren ze loossen, misst déi Zuel awer eropgesat gin op 7.500 Wieler oder 100 Mandatairen.

Iwwer déi Zuele léisst sech selbstverständlech diskutéieren.

Mir hun och e Blokus agesat, dat heescht, 12 Méint virun an no Wale soll kee Referendum däerfe stattfannen, well jo dann d'Leit sech souwisou kënnen äusseren.

Et as och eng Fënnefjoerwartefrist dran, wann e Referendum iwwer déi selwecht Fro zréckgewise gin as.

D'Procédure préalable, eng éischt Initiativ, ka geholl gin op d'manst duerch 750 Wieler. Dovunner däerfen nët méi wéi d'Halschent aus engem Walbeziirk kommen.

Geet d'Regirung op d'Propositioun vun dësem Groupe an, an adoptéiert en entspriechend Gesetz, dann eriwwregt sech déi weider Prozedur. Geet si nët drop an, leeft d'Prozedur weider, dat heescht, d'Publikatioun am Memorial vun där Fuerderung, déi dem Refendum soll ënnerworf gin.

Bannent 14 Deg no der Publikatioun kréien d'Leit d'Méiglechkeet, sech op de Gemengen zu där Propositioun ze äusseren. Wann do genuch Ennerschrëfte beieneekommen, da muss déi Propositioun weidergeleet gin, da muss d'Prozedur un d'Lafe kommen.

Et as nach e ganze Volet do, iwwer deen ech och misst schwätzen. Ech kann dat leider nët méi maachen, well méng Zäit ofgelaf as. Dat as de Volet vun der direkter Applikatioun duerch d'Châmber oder nët. Ech si mer bewosst, dass do och verfassungsrechtlech Schwiregkete sin, dass een awer, wann een dat wëllt maachen - an ech mengen, et soll een op de Wee vun enger méi direkter Demokratie goen - da misst ee sech awer elo iwwerleën, wa mer un d'Verfassungsreform kommen - ech hoffen, dass dat an dëser Legislatur nach geschitt - wat fir eng Artikelen een zur Revisioun fräigët.

Sou wäit déi Propositioun, déi jo am Virfeld scho fir vill Diskussioune gesuergt huet. Ech wëll heimat ménger Hoffnung Ausdrock gin, dass d'Diskussioun sech nët a steriler Buschtawereiderei verfänkt, mä dass wiirklech e seriösen Débat iwwer d'Verwiirklechung vun der direkter Demokratie hei am Land an de Gank kënnt, an d'Châmber dann an der Folleg och bereet as, déi Verfassungsartikelen, déi missten au préalable geännert gin, zur Revisioun fräizegin.

Wann dat nët geschitt, da gin erëm eng Kéier 5 Joer an d'Land, ier déi nächst Chance, fir esou eng Reform ze verwiirklechen, sech erëm eng Kéier stellt. Dofir hoffen ech, dass Der favorabel op déi Propositioun hei agitt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- La parole est maintenant à l'honorable M. François Colling.

Débat

M. François Colling *(CSV)*- Här President, Madame, dir Hären. Den Här Mehlen huet séng Proposition de loi virgestallt an direkt gesot, dass se an där Form, wéi se elo proposéiert gin as, verfassungswiddreg as. Doriwwer léisst sech nët diskutéieren, dat as ee Fait. E proposéiert, dass een d'Artikelen 114 an 51 misst als revisabel erklären.

Déi éischt Remarque, déi dozou ze maachen as, as dass een effektiv d'Verfassung muss ëmänneren. Et si Leit, déi géife soen, et bräicht een et nët ze maachen, anerer sin der Menung, et misst een et maachen. De Pierre Majerus as doriwwer ganz klor. Den Artikel 51 as bekannt, dee seet : « Les électeurs peuvent être appelés à se prononcer par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi. »

De Pierre Majerus seet : « Le référendum introduit par la révision de 1919 est facultatif pour le législateur et pour lui seulement. Le peuple n'a pas le droit de le demander. »

Wann et bei d'Juriste geet, da wësst Dir, dass ëmmer zwee Points de vuën erauskommen.

Dëst as eng Fro, déi léisst sech diskutéieren, mä nët op déi Aart a Weis, wéi Dir dat hei proposéiert. Ech mengen, um Niveau vun de Gemengen hu mir ee Referendum agefouert. Dir sid jo selwer an enger Gemeng, wou Dir sot, dass dat scho probéiert gin as. Dat as eng Initiativ, wou um Niveau vun der Gemeng, déi eng oder déi aner Saach soll realiséiert gin. Do stëmmt ee mat jo oder mat neen.

Wat Dir hei proposéiert : « Un référendum d'initiative populaire peut modifier la Constitution, adopter ou refuser d'adopter les traités internationaux, les lois budgétaires et les lois relatives à l'élection des députés et des membres des conseils municipaux ». Dir hut och eng Rei vu Modalitéiten agebonnen.

Wann Dir wëllt esou wäit goen, da géif ech Iech proposéieren, den Artikel 9 nach derbäi ze setzen. Den Artikel 9 wär da ganz kuurz : « La Chambre des Députés est abolie », well da brauche mir keng Châmber méi. Dat as dann déi ganz direkt Demokratie. Alles wat gemaach gët, gët iwwer Referendum ofgestëmmt.

Et steet nach hei, dass Texter virgeluegt gin, dat wären da Propositiounen oder Projetën, a wann d'Deputéiert nët domat d'accord sin an et gët ofgestëmmt, da musse mir higoen an dat exekutéieren, wat d'Vollek an engem Referendum décidéiert huet.

Dir kënnt Iech elo d'Fro stellen, wat mir dann nach hei solle maachen, well en fin de compte si mir iwwerflësseg gin. Ee Referendum kann nët bindend sin. Dat as ee vun de fundamentale Prinzipië vun eisem System.

Et kann ee wielen tëschent engem Schwäizer System, an och do as dat esou, oder engem vun Italien oder Éisträich, wou de Référendum d'initiative populaire genau geregelt as, mä dat hei, dat géif eise System total op d'Kopp stellen.

(Interruption)

Da maacht eis eng Propositioun fir d'Châmber ofzeschafen. Wann Dir dat éierlech zougitt, da brauche mir nët méi ze diskutéieren. Et geet nëmmen nach drëm, ob mir nach solle bestoe bleiwen als Châmber oder nët.

Mir sin der Menung, dass d'Châmber soll bestoe bleiwen, an hir Prérogativen anhalen.

Mir hun dräi Referendumë bis elo organiséiert. Dee leschte war 1937. Wat dobäi erauskomm as ? An engem Fall huet ee gesinn, dass d'Deputéiert nach anescht décidéiert hun, wéi d'Vollek ofgestëmmt huet.

Dir sot, déi Initiativ hei as ee « Pavé dans la mare ». Jo, ech weess zwar nët a wéi eng Mare dass et as, mä op alle Fall mir als CSV kënnen esou eng Propositioun wéi déi hei, déi dorop erausgeet, fir eise ganze parlamentaresche System a Fro ze stellen, op kee Fall ënnerstëtzen.

M. le Président.- La parole est à l'honorable M. Meintz.

M. Carlo Meintz *(DP)*- Här President, Madame, dir Hären. Den Auteur vun der Proposition de loi huet scho Recht, dass et nët duergeet, fir iwwer dee wichtege Problem, deen eng fundamental Diskussioun iwwerhaapt iwwer de Fonktionnement vun eiser parlamentarescher Demokratie duerstellt, an zéng Minutten ze schwätzen. Ech wëll nëmmen e puer Remarke maachen an un dat uknäppen, wat, an enger anerer Form, de Fränz Colling gesot huet.

Eis politesch Aktioun an dësem Land as opgebaut op ee System, an deem mir eng indirekt Demokratie hun, wou de Wieler sech séng Leit eraussicht, déi fir hien, a sénger Plaz, ee kohärente politesche Programm duerchzéien. Dat as ee vun dene wichtege Punkten. Et geet nët ëm eenzel Aspekter vun der Politik, et geet ëm déi gesamt Politik, déi sech vun der Kultur iwwer d'Fiskalpolitik hinzitt. Dofir as et scho wichteg, dass ee vun Ufank un de System a Betracht zitt, dee mir de Moment hun, an et kann een nët eng Demokratie mat zwee Systemer niewentenee fonktionnéiere loossen.

Trotzdeem as der DP d'Iddi sympathesch, fir dem Wieler selwer et ze erlaben, bei verschiddene wichtegen Décisiounen, sech iwwer de Wee vun engem Referendum kënnen ze äusseren.

Et as an deem Sënn, wou mir mat der Aktioun vum Här Mehlen, deen dës Proposition de loi néiergeluegt huet, d'accord sin, well mir fannen, dass et den Ufank as vun enger Reflexioun an dësem Problem, mä dass et wierklech nëmmen den Ufank as, well et as nët esou einfach. D'Proposition de loi, wéi se elo virläit, déi geet nët duer, fir dëse Problem op engem ganz proppere Wee an op eng ganz propper Manéier ze léisen.

Mir hun d'Méiglechkeet, an dat as e puermol ervirgehuewe gin, een allgemengt Gesetz ze maachen, mä ech sin nët der Menung, dass een do muss een allgemengt Gesetz bréngen, well den Artikel 51 virgesäit, datt een ee Referendum iwwer all Méigleches ka maachen, wat d'Châmber eng Kéier décidéiert, an datt dann de cas en cas ee Gesetz iwwer dee Referendum dee Moment muss geholl gin.

Wat hei nei as, datt nët nëmmen d'Châmber dee Referendum ka froen, mä datt et och eng Initiative populaire ka sin. Mir sin d'accord, fir déi Iddi ganz seriös ze analyséieren, an datt een ee Wee muss fannen, wéi een dat kann an deen anere System abauen, well esou, wéi d'Proposition de loi de Moment hei läit, as et eis leider nët méiglech se ze stëmmen, well si as zevill onkomplett, zevill onklor an et sin zevill Lücken dran. Dofir krut den Här Mehlen scho virgehäit vu verschiddene Leit, si wär anticonstitutionnelle. Mä do as et klor - dat huet den Här Mehlen och gesot - datt een dann eben och déi Artikele muss änneren.

D'Prozedur déi muss verschiddene Grondprinzipien awer Rechnung droen, fir datt et iwwerhaapt sérieusement ze envisagéieren as, fir esou eng politesch Form anzeféieren.

Beim Déclenchement vun där ganzer Prozedur gin no der Propositioun vum Här Mehlen 750 Wieler duer. Mir haten 1989 bei de Walen 217.379 Wieler. Wa mir dat elo an Unitéiten alles ëmrechnen, dann hu mir fir een Deputéierten 3.623 Wieler. Wa mir heibannen eng aarmséileg hongreg Motioun wëllen deposéieren, da brauche mir fënnef Deputéierten. Wa mir dat an eisen Unitéiten ëmrechnen, da brauche mir op d'manst 18.115 Wieler fir kënnen eng Motioun ze deposéieren. Et geet dann awer nët, datt mir esou ee groussen Apparat a Bewegung setzen mat 0,3% vun de Wieler, déi mir am Land hun. 0,3% géif duergoen, fir esou ee schwerwiegende Prozess a Bewegung ze setzen.

Ech ka mech ni mat deem Gedanke familiariséieren, datt een een Amalgame mécht tëschent Wieler op där enger Säit an Eluën op där aner Säit, entweder sin et d'Wieler, déi dee Referendum kënne froen oder et sin d'Eluën, an da maache se et hei. D'Eluën sollen et nët dobausse maachen, et as grad esou onlogesch, wéi wann een Deputéierten eng Petitioun

ënnerschreift, déi un d'Châmber geriicht as. Deen huet jo d'Méiglechkeet, fir dat hei ze maachen.

D'Châmber, mengen ech, muss nach ëmmer dee Punkt bleiwen, an dat steet an alle verfassungsrechtlechen Abhandlungen, wou d'Fro, d'Form an alles geregelt gët, an d'Regirung muss et dann herno duerchféieren.

D'Fro vun der fakultativer oder obligatorescher Participatioun vun de Leit, déi hänkt och domat zesummen, op wat fir een Niveau een den Acte de déclenchement setzt, a wat een och dovun erwaart.

Et kann ee mat denen zwou liewen, dass ee seet, d'Leit kënne fakultativ oder d'Leit mussen, esou wéi an eisem Walsystem, obligatoresch un engem Referendum deelhuelen. Mä eppes muss awer garantéiert sin, datt d'Zuel vun de Leit, déi deelhuelen, signifikativ as. Datt se also op d'manst iwwer 50% läit, well mir brauche jo 50% fir ee Gesetz ze stëmmen, da muss dat och esou dobausse sin, an dofir as et ganz klor, datt mir an eisem System nët kënnen de Schwäizer System iwwerhuelen, wou ee mat 18 a manner Prozent vun den Electeure ka souguer ganz wichteg Gesetzer huelen, besonnesch bei Verfassungsännerungen as dat nach ganz anescht.

Och d'Fro, ob d'Resultat bindend soll sin oder nët, hänkt vun der Participatioun a vun der Formuléierung am Gesetz of. Et as ganz klor, wann ech eleng déi dräi lescht Froen huelen, datt et an där globaler Riedenszäit vun zéng Minutten nët méiglech as, fir doriwwer ze schwätzen.

Eis Konklusioun : Mir si mat der Diskussioun a mam Ufänke vun der Diskussioun d'accord. Mir sin och op, dass een op dee Wee ka goen. Mir hätte gären, datt dat an déi parlamentaresch Demokratie agebaut gët, datt et och no baussen nët dat gët, wat de Fränz Colling gefaart huet, einfach d'Negatioun vun deem System, dee mir elo hun. Dofir kënne mir d'Proposition de loi nët stëmmen, mä mir kënnen awer un der Diskussioun deelhuelen, a vläicht kënnt souguer d'Kommissioun vun der Révision constitutionnelle sech deem Problem unhuelen.

M. le Président.- La parole est à l'honorable M. Jean Asselborn.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*- Här President. Et deet mir leed, wann ech vläicht bei där Proposition de loi, déi héchstwaarscheinlech déi wichtegst as vun haut, e wéineg méi klor schwätzen, wéi dat virdrun hei gemaach gin as.

Wann ech d'Ausféierunge vum Auteur vun dëser Proposition de loi liesen an nogelauschtert hun, da kënnt een, ouni zevill Imaginatioun mussen ze hun, an och nët ouni zevill schlechte Wëllen ze hun, zur Konklusioun kommen, dass den Här Mehlen undeite wëllt, dass eis Demokratie, esou wéi mir se haut praktizéieren, lauter Frustratioun an Ongerechtegkeet produzéiert.

Schold sin d'Politiker alleguer, mat Ausnam natiirlech vum ADR. D'Heelmëttel as de Referendum.

Ech wëll iwwer dës Produktioun nët zevill eng déif Analys maachen, well um juristesche Plang as se, a méngen Aen, komplett derniewent. Ech gin lech zwee Beispiller.

Eis Verfassung, déi as an 150 Jor gewuess, a si as esou gewuess, dass mir haut glécklecherweis an enger representativer parlamentarescher Demokratie liewe kënnen, wouriwwer déi meescht Länner op der Welt eis beneiden, a wou d'Châmber, déi vum Vollek gewielt an dem Vollek och Rechenschaft schëlleg as, eng legislativ Aufgab huet, an déi Aufgab, déi besteet doran, Gesetzer guttzeheeschen a Gesetzer ze änneren.

Duerch dëst soll elo d'Châmberaarbecht permanent op de Kapp kënne gestallt gin. 3.000 Leit am Land, dat as manner wéi 1% oder - an dat as dat Schéinst - 50 Gemengeconseillerë kënnen ee Referendum froen. 50 Gemengeconseillerën, dat as de Conseil vun der Stad Lëtzebuerg, dee vu Mamer an dee vu Stengefort. Wann déi d'accord sin, dann ënnerschreiwen déi, an da muss ee Referendum stattfannen.

D'Maulkuerfgesetz as duerch ee Referendum gekippt gin, glécklecherweis, mä et daarf een awer nët aussergewéinlech Prozeduren, an aussergewéinlechen Zäiten, an ënnert aussergewéinlechen Emstänn banaliséieren a verallgemengeren. Mat eiser Verfassung, wéi se haut as, kann zu all Moment d'Prozedur vum Referendum beim Maulkuerfgesetz sech widderhuelen.

Eng zweet Saach : Duerch ee Referendum, esou dës Propositioun, kann d'Verfassung geännert gin, international Traitéë kënnen ugeholl gin, an de Budget ka gestëmmt gin. Den Här Colling huet gesot, d'Châmber kënnt ofgeschaaft gin, och de Grand-Duc. Ech mengen, et géing alles an engems goen. Et kéint ee vläicht och duerch Referendum festhalen, dass am Januar sollt de Summer ugoen, an am Juli de Wanter. Alles wär méiglech duerch Referendum, wann een dat liest, mä, dir Dammen an dir Hären, da wire mir, fir dat elo seriös ze soen, nët méi an enger representativer parlamentarescher Demokratie.

De Referendum, dat as a méngen Aen op jidde Fall kee Spillball, fir de Leit virzetäuschen, dass een der Demokratie nei Elanën eleng mam Referendum kënnt gin. Am Parteiprogramm vun der LSAP do stong, an et steet och nach dran, dass de Referendum soll agesat gin, fir eis Demokratie ze festegen.

Ech wëll, an där kuurzer Zäit, déi mir hei zur Verfügung steet, e puer Avantage vum Referendum opzielen :

1. Dass eng breet Diskussioun provozéiert gët iwwer ee Problem oder iwwer eng politesch Virstellung.

2. De Biirger, dee kritt séng Menung direkt gefrot, a séng Menung zielt. Dat as ee psychologesche Problem, deen do matspillt.

3. Dee Referendum - an dat as a méngen Aen dat Wichtegst - hëlleft Situatiounen deblockéieren, wou Décisiounen da vun enger breder Menung an der Öffentlechkeet kënne gedroe gin.

De Referendum huet awer och kapital Nodeler :

1. Et as eng Photographie vun der öffentlecher Menung, déi selbstverständlech an der Véridicitéit all Sondagen iwwertrëfft zu engem gewëssenen Zäitpunkt x, wou allerdings ganz dacks, an do kënnt Dir Studien, déi iwwer de Referendum gemaach gi sin, noliesen, de Wieler sech d'Recht hëlt, fir nët op d'Fro ze äntweren, mä ganz einfach sech d'Fro ze stellen, firwat dass elo een aneren him eng Fro gestallt huet.

Dat heescht also, dass beim Referendum d'Manipuléierbarkeet ganz grouss as, an deen, dee Champion dora war, dat war den de Gaulle a Frankräich, deen tëschent 1958 an 1969 de Referendum ëmmer als Plébiscite dohinner gestallt huet, ëmmer d'Saach an den Hannergrond gestallt huet, mä fir séng Persoun, fir sech ze bestätegen, huet en de Referendum gemaach, allerdings mat aller Konsequenz, well en as am Abrëll 1969 doriwwer gestolpert.

(Interruption)

Eng aner Saach - an dat as d'Fro - wéini, an op wat fir eng Fro een allgemeng soll ee Referendum aféieren. Dat as eng Fro, déi och a méngen Aen äusserst schwireg as. Jiddenfalls an eisem System, wéi e gewuess as, wéi mir e kennen, an dat as deen, dee vill Länner hun, do as d'Châmber souveraine.

Alles wat am Referendum an duerch ee Referendum géif direkt zu enger legislativer Décisioun féieren, dat as verfassungswiddreg.

Ee Referendum kann no eiser Verfassung - dat as elo zéngmol gesot gin, ech huelen un, dass dee Leschten dat elo kappéiert huet an och den Auteur - nëmme berodende Charakter hu fir d'Châmber, anerefalls rutsche mir an een anere Regim, esou einfach as et.

Politesch gesinn, wann een d'Belsch kuckt, an et kuckt een denen hir Problemer, oder Däitschland, do gesinn ech nët, éierlech, wéi een d'Stabilitéit am Stat an an den Diskussioune géing behalen, wann d'Gefor dauernd géif bestoen, dass d'Gesetzer, déi mir an der Châmber maachen, a mir wëssen ënnert wat fir enge Konditiounen dass déi heiansdo zoustane kommen, wéi laang Zäit dass dat brauch, dass déi kënnen zerrappt an zerfleescht gin, eleng duerch d'Méiglechkeet eng Prozedur ze déclenchéieren, déi dëst erëm a Fro stellt. An der Belsch as ni esou ee Wee ageschloe gin, wou d'Verfassung am ähnlechsten as, wéi déi vun eis.

Et as hei ugedeit gin, dass Maastricht bei dëser Proposition de loi wénkt. Et gët Leit, déi nët opgin, fir der Öffentlechkeet wëlle klor ze maachen, dass mir besser hätten nët bei denen zéng Länner ze si vun denen zwielef, déi Maastricht ratifizéiert hun, mä ee Referendum daarf nët dozou dingen, Problemer, déi Parteien oder Majoritéiten bei engem wichtege Punkt hun oder feststellen dass se se op emol hun, fir déi ganz einfach op de Wieler ofzewälzen.

Ech mengen, dass nët nëmmen hei zu Lëtzebuerg et onméiglech wir, entgéint deem wat den Här Mehlen gesot huet, eng Krankekeessereform oder dringend Problemer oder Moossnamen a Saachen Environnement oder Planification hospitalière oder Mediengesetz an esou weider duerch ee plakege Referendum ze léisen. Dat gët et nët op der Welt. Wa mir dat hei zu Lëtzebuerg géifen erfannen, da wär ech och fir de Referendum.

Mir géifen de Leit eppes virspillen, wat an der Realitéit guer nët opgeet.

E Referendum kann a méngen Aën awer derzou dingen, de Wieler bei enger wichteger Décisioun anzebezéien, wann eng Situatioun entsteet, wou de Pro an de Kontra sech nët kloer kënnen départagéieren.

Bei Maastricht ware jo méi wéi 5/6 vun alle Volleksvertrieder hei an der Châmber derfir, folglech och déi grouss Majoritéit vun de politesche Stréimungen hei zu Lëtzebuerg. An dat ware jo bekanntlech déi Leit, déi vum Vollek hei an d'Châmber geschéckt gi sin.

Also de Referendum als Arbitter, jo, bei gréissere Problemer vun nationalem Interessen, fir eng kloer Décisioun kënnen erauszeschielen, wann et schwéier as, déi fäerdegzebréngen !

Mä Ierféierung a Manipulatioun vum Wieler allerdings iwwer de Wee vum Referendum, well gewielte Politiker sech esou laanscht Beschlëss drécke wëllen, dat as der Demokratie nët dénglech !

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- La parole est maintenant à l'honorable M. Jean Geisbusch.

M. Jean Geisbusch *(GAP).-* Här President, Madame, dir Hären. Wann den Här Mehlen am Exposé des motifs zu sénger Proposition de loi schreift, den Décalage zwëschen der Classe politique an de Biirgerinnen a Biirger géing ëmmer méi grouss gin, da kënne mir dat nëmme mat him feststellen.

D'Existenz vun ëmmer méi Biirgerinitiative weist op grondlegend Mängel vun der representativer Demokratie hin. An deem Sënn kann och fir ons de Referendum ee Moyen sin, fir d'direkt Demokratie ze verbesseren, well en nämlech erlaabt, wichteg Entschedungen an d'Hänn vun dene Betraffene selwer ze leën.

D'GAP huet och schon, vun un datt se besteet, vun 1983 un an all hire Programmer ëmmer erëm d'Verallgemengerung vum Referendum gefrot.

Allerdings - an do si mer nët mam Här Mehlen d'accord - diirf d'Initiativ fir ee Referendum an onsen Aën nëmme vun de Biirgerinnen a Biirger ausgoen. Soubal een de Referendum och vu gewielte Vertriederinnen a Vertrieder oder souguer vum Innenminister ausgoë léisst, da gët déi Volleksofstëmmung onweigerlech an déi politesch Machtkämpf zwësche Majoritéit an Oppositioun eragezun an demagogesch entstallt.

De Referendum muss also eng total onofhängeg, de Biirgerinnen a Biirger virbehalen demokratesch Prozedur gin.

Eng zweet Remarque - an dat feelt och am Här Mehlen sénger Proposition de loi - betrëfft de Menungsbildungsprozess während der Prozedur. Mir mengen, dass ouni e fräie Menungsbildungsprozess demokratesch Ofstëmmungen iwwerhaapt nët méiglech sin. Wann nämlech eng Fro zur Referendumsentschedung usteet, muss eng zäitlech large bemoossen Informatiouns- an Diskussiounsphas vu mindestens 3 Méint an onsen Aën ageplangt gin. A Pro a Kontra mussen d'Méiglechkeet vun enger gläichberechtegter Duerstellung an der Öffentlechkeet kréien, an zwar an de Medien an eventuell och iwwer Informatiounsblieder, déi vun de Gemengen a vum Stat bezuelt gin.

Eng drëtt Remarque as déi, dass selbstverständlech de Referendum och eng bindend Wiirkung muss hun, well konsultativ Referenden oder onverbindlech Befrounge vum Vollek, dat sin an onsen Aë keng Erweiderung vun den demokratesche Matbestëmmungsméiglechkete vun de Biirgerinnen a Biirger, mä si hun, besonnesch an Zäite vu verstäärkte Biirgerprotester, jhust eng Alibifonktioun. Si sin also héchstens derzou gëegent, fir Biirgerinitiativen um institutionelle Wee an d'Eidelt lafen ze loossen an doduerch ze neutraliséieren.

Eng véiert Remarque betrëfft de Quorum. Onser Menung no soll de Quorum engersäits Initiativen encouragéieren, awer anersäits och verhënneren, dass et zu Abüë kënnt. De Quorum diirft also nët zevill onrealistesch héich ugesat gin. Ons schwieft zum Beispill vir e Quorum vu 5% vun den erwuessenen Awunnerinnen an Awunner.

Als fënneften a leschte Punkt, vü dass mir jo och fir d'Walrecht vun den auslännesche Matbiirgerinnen a Matbiirger sin, as et fir ons selbstverständlech, dass si mat alle Rechter un der Referendumsprozedur kënnen deelhuelen.

Elo zur Verfassungsméissegkeet oder nët. Ons Verfassung kennt zwar d'Ariichtung vum Referendum, an dat as och

gesot gin hei am Artikel 51, Alinea 7. Et léisst sech awer weder aus der Formuléierung nach aus der Stellung vun dëser Referendumsbestëmmung an der Verfassung zwéngend ofleden, dass de Referendum

1. bannend a rechtskräfteg as, an

2. eng nëmmen duerch Initiativ aus der Bevölkerung zustanekomm Prozedur as.

Am Géigendeel, déi herrschend Verfassungsléier - dat as schon hei gesot gin, an dat kann een och beim Majerus noliesen - gesäit an der Loi du référendum, am Artikel 51 Alinea 7, nëmmen eng konsultativ Volleksbefroung vir, déi och nach eenzeg an eleng op Initiativ vun der Châmber stattfanne kann.

Mir sin dofir der Menung, och wann d'Proposition Mehlen vläicht an onsen Aën nët komplett as a sech deelweis nët mat deem deckt, wat mir zu deem Punkt ze soen hun, dass et wichteg wir, wann dës Châmber nach virum Juni d'nächst Joer d'Artikelen 51 an 114 géif revisabel erklären, fir eng méiglechst breet Diskussioun an där Richtung ze garantéieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- L'honorable M. Nick Clesen a la parole.

M. Nick Clesen *(GLEI).-* Här President, dir Dammen an dir Hären. Den Här Mehlen a séng Leit hu jo neierdings hire Parteinumm gewiesselt an ADR, den « Aktiounskomitee fir Demokratie a Rentegerechtegkeet ». Den honorablen Här Mehlen huet och gläich, fläisseg wéi mir hie kennen, véier Säite geschriwwen. D'Resultat as e Gesetzesvirschlag iwwer de Référendum d'initiative populaire.

Ech hu jhust e puer Minutten Zäit, fir dozou ze schwätzen ; dofir géif ech och nëmme kuurz e puer Saachen uschneiden.

Dat éischt as, dass mir mam Prinzip vun engem Référendum d'initiative populaire d'accord sin.

Dat as näischt Neies. Mir Gring sin, zënter datt et eis gët, drëm beméit, fir eis Décisiounsstrukturen ze demokratiséieren.

Ech liesen Iech do zum Beispill aus dem nationale Walprogramm vun der GLEI vun 1989 vir : « Das Referendum muss Entscheidungskraft haben, also bindend, rechtskräftig sein. Das Referendum muss auf Volksinitiative zustande kommen. Es ist nicht vertretbar, dass es in bezug auf die differenzierende Sachentscheidung im Referendum irgendwelche Einschränkungen geben sollte. »

Ech weess elo nët, ob den Här Mehlen séng Iddi an engem grénge Walprogramm ofgeschriwwen huet, mä et huet awer e relativ héijen Unterhaltungswäert, wann den Här Mehlen elo hei probéiert ze maachen, wéi wa séng nei Partei eppes erfond hätt.

Doriwwer eraus gin ech d'Gefill nët lass, dass den « D » am neien Numm vun der Partei besser mam « L » wéi Lëtzebuerger geschriwwe misst gin, wann ech d'Positioun vum Grupp kucken.

Et as zwar schwéier erauszefannen, wéi eng Positioun den Här Mehlen elo grad am Moment anhëlt, op der Fro vum Auslännerwalrecht zum Beispill. Den ADR huet jo schon déi eng oder aner Kéier séng Menung geännert, mä Dir sid awer bestëmmt dergéint, Här Mehlen, dass d'Auslänner diirfte beim Referendum matmaachen !

Dofir, Här President, stellen ech dem Här Mehlen hei emol déi prezis Fro, ob den ADR fir oder géint de Prinzip vum Auslännerwalrecht as, nët nëmmen allgemeng, awer och bei engem Referendum. Ech stelle mer de Moment d'Fro, ob Är Partei, Här Mehlen, den « D » a séngem Numm iwwerhaapt verdéngt huet !

Wann dës Fro mat jo sollt beäntwert gin, da kënnt ech trotzdeem dës Proposition de loi nawell nët stëmmen, well se verstéisst, laut méngen Informatiounen, géint d'Verfassung.

Ech sin e bëssche verwonnert driwwer, dass den Här Mehlen, dee bei der Maastricht-Ratifikatioun nët haart genuch konnt jäizen, datt déi Prozedur verfassungswiddreg wir - an dat zu Recht, a mir Gréng hun och déi Menung vertrueden - elo awer eng verfassungswiddreg Proposition de loi erareecht !

Ier d'Proposition de loi vum ADR, déi e Referendum mat bindendem Charakter virgesäit, - an dat as de sprangende Punkt - kënnt gestëmmt gin, misste fir d'éischt eng ganz Rëtsch Artikelen aus eiser Verfassung geännert gin, an zwar besonnesch déi Artikelen, déi der Châmber als eenzege Corps e « pouvoir législatif » conféréieren.

Ausserdeem as déi Zuel vun 3.000 Leit ze niddreg. Mat esou enger klenger Zuel lafe mer d'Gefor, datt irgendee poujadistesche Veräin « main basse » mécht op eis Verfassung.

Am Résumé wëll ech dann dem Här Mehlen nach soen : Gitt den Auslänner och d'Recht, fir bei engem bindende Referendum matzemaachen an haalt Iech un déi verfassungsméisseg festgeluegt Prozeduren, da kënne mer nach eng Kéier driwwer schwätzen !

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- La parole est maintenant à l'honorable M. Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Här President, dir Dammen an dir Hären. Zum Schluss vun dëser Diskussioun...

(Interruption)

Entschëllegt, Här Grethen, dann als zweetleschte vun dëser Diskussioun ! Ech mengen, dass dat, wat de Kolleg Mehlen hei gesot huet, scho bewiirkt huet, dass d'Diskussioun emol un d'Lafe komm as.

Ech géif nach wëllen e puer prinzipiell Saache soen. Et as vu verschiddene Riedner hei an d'Debatt geworf gin, déi Proposition de loi wir verfassungswiddreg. De Kolleg Clesen huet dat elo grad och nach gesot.

Souwuel wéi mir d'Proposition de loi eragereecht hun, wéi och de Mëtteg, wéi de Kolleg Mehlen se présentéiert huet, as gesot gin, wann déi Proposition de loi an där doter Richtung géif akzeptéiert gin, dat géif eng Verfassungsännerung viraussetzen. Mir hu jo nët gesot, dass se misst bei der jëtzeger Verfassung gestëmmt gin, mä mir hfü gesot, wa mer an déi heite Richtung gin, da setzt dat viraus, datt d'Verfassung geännert gët. Et kann een also nët hei permanent soen, et wir e verfassungswiddrege Projet de loi, well dat as vun Ufank un nët vun ons esou gewollt gin. Mir si schliisslech déi heibannen, déi am meeschten drop gehalen hun, datt eis Verfassung soll respektéiert gin, an dat wäerd och an Zukunft esou sin !

Ech wëll kuurz Stellung huelen zu dene verschiddene Spriecher.

Wéi ech dem Här Colling vun der CSV nogelauschtert hun, hun ech nët esou richteg erausfond, ob hien elo fir e Referendum as oder dergéint. Vü dass hien dat nët esou kloer gesot huet, kann een éischter dervun ausgoen, dass d'CSV géint e Referendum as.

Den Här Meintz vun der DP huet eng relativ kloer Sprooch geschwat, datt si am Prinzip fir de Referendum sin, quitte dass ee kann iwwer d'Modalitéiten diskutéieren.

De Kolleg Asselborn vun der LSAP hat hei ferm Problemer mat dem Referendum. Et kënnt een am Fong soen, dass d'Sozialiste ferm Problemer mat der Demokratie hun. Si sin nët esou biirgerno, wéi si dat ëmmer wëllen no baussen demonstréieren, well soss misste si jo och dermat d'accord sin, datt d'Biirger zu soziale Froen hei am Land misste gefrot gin.

D'GAP an d'GLEI si fir de Referendum. D'Kollege vun der GAP ware ganz sachlech. Den Här Clesen huet versicht, e bëssche Polemik hei eranzebréngen. Hien huet zum Beispill den Här Mehlen gefrot, ob een den Auslänner och soll d'Walrecht gi fir de Referendum.

Här Clesen, ech géif soen, dass de Referendum eng gutt Méiglechkeet wir, fir d'Lëtzebuerger ze froen, ob ee soll den Auslänner d'Walrecht gin oder nët!

Dat soll een emol esou gesinn, firwat een de Referendum kënnt gebrauchen. Als gudden Demokrat misst een éischtens emol de Courage hun, virun de Biirger mat esou Froen ze goen, an zwetens dann och déi Décisioun, déi de Wieler hëlt, ze akzeptéieren, egal no wat fir enger Säit datt et ausgeet. Dat sin déi demokratesch Spillregelen, déi ee misst hun.

De Malaise virun der Lëtzebuerger Politik kënnt nun emol dohier, datt sech hei am Land iwwer Joerzéngten eng gewësse Lobby entwéckelt huet vun e puer Leit, déi d'gutt oder d'schlecht Wieder an der politescher Landschaft an am ganze Land maachen.

Ech mengen, den Traité vu Maastricht war am Fong déi Drëps, déi d'Faass zum Iwwerlafe bruecht huet, wou ee wiirklech queesch duerch d'Land gespuert huet, datt d'Leit revoltéiert waren, wéi hei e Parlament en Traité verfassungswiddreg ratifizéiert.

Den Här Asselborn huet gesot, mir géifen nët midd gin, fir dat ze soen. Ech mengen, wann ech d'Kollege vun der DP huelen, déi d'Verfassung mat violéiert hun, sou sin déi dach awer zumindest esou fair, datt se dat zougin. Viru 14 Deg huet nämlech d'Demokratesch Partei an hirem Fraktiounsblietchen, dem « Focus », ganz kloer encadréiert geschriwwen, « rezente Verfassungsverstösse », an do as den Traité vu Maastricht mat opgezielt gin.

Dofir muss ee sech och emol d'Fro stellen, wéi seriö dass de Biirger dëst Parlament, dës Demokratie soll huelen, wann do eng Majoritéit vun Deputéierte kee Problem huet, fir d'Verfassung ze violéieren.

Dofir si mir der Menung, fir eben deem Frust entgéintzewiirken, deen d'Biirger vis-à-vis vun den traditionelle Parteien a vis-à-vis vun der Politik hun, dass een e Referendum sollt aféieren, fir domat de Biirger wiirklech d'Méiglechkeet gin, och d'Initiativ ze huelen, fir hei am Land kënne matzeschwätzen, an nët de Politiker fir 5 Joer e Blankoscheck auszestellen, déi wuel Walprogrammer virun de Walen opstellen, mä herno am Numm vum Vollek alles décidéieren, och souguer Saachen, déi am Géigesaz zu deem sin, wat se virun de Walen de Leit versprach haten.

M. le Président.- M. Gibéryen, vous avez épuisé votre temps de parole !

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dofir, Här President, mengen ech, war d'Iddi vun ons als ADR gutt, fir dës Diskussioun ze lancéieren. Mir hoffen, dass déi Diskussioun weidergeet, an dass virun allem am Kader vun der Verfassungsreform, déi mer nach musse virun den nächste Legislativwalen duerchhuelen, dës Iddië mat berücksichtegt gin, fir dass mer dann endlech kënnen hei am Land e Schrack a Richtung vu méi Demokratie maachen !

M. le Président.- La parole est maintenant à l'honorable M. Henri Grethen.

M. Henri Grethen *(DP).-* Här President, mir hun elo 6 Propositions de loi haut de Mëtteg hei diskutéiert. Jiddereng vun dene Propositiounen, ob een dofir oder dergéint as, huet de Mérite, dass en Deputéierte sech Gedanke gemaach huet iwwert e Problem, deen e préoccupéiert an déi Fraktiounen, déi hei Stellung geholl hun, hun iwwer déi Propositiounen nogeduecht.

All Deputéierten, deen eng Proposition de loi mécht, as och Demandeur, dass déi Proposition de loi weidergeet.

Ech bedaueren ët, Här President, an ech gesinn ët als eng ganz grave Mëssuechtung vum Parlament un, dass keen eenzege Regirungsmember de Mëtteg hei war, fir de Parlamentarier nozelauschteren. Et beweist, dass dës Regirung virun der Châmber op alle Fall guer kee Respekt huet. An ech géif lech bieden, Här President, de Protest vun der Châmber der Regirung matzedelen an dem Här Staatsminister ze soën, dass e soll ee vu sénge Regirungsmemberen heihinner delegéieren. Well wann ee kuckt wivill Leit op enger Foto si wann e Grondsteen geluegt gët, wir ët elementar wa wéinegstens ee Regirungsmember bei esou Debatten hei an der Châmber wir.

M. le Président.- Mesdames, Messieurs, j'ai l'honneur de vous informer que le Ministre de la Justice a déposé à la Chambre des Députés le projet de loi 3771 sur la mise en état en matière de procédure civile contentieuse et portant introduction et modification de certaines dispositions du Code de procédure civile, ainsi que d'autres dispositions légales.

Acte est donné du dépôt du projet de loi et transmission en sera faite à la commission compétente.

La prochaine séance publique aura lieu le 20 avril 1993. L'ordre du jour vous sera communiqué en temps utile par écrit.

La séance est levée.

(Fin de la séance publique à 18.02 heures)